# De Bierger

BIERGER INITIATIV
GEMENG DIPPECH

D'Informatiounsblat vun de Bierger fir d'Bierger · Bulletin d'information des citoyens pour les citoyens

N°1 • 2021




## EDITORIAL

# 427.000 EURO ÜBER DEM REALWERT

Vor einem Jahr schon machte die Bürgerinitiative auf zwei aus ihrer Sicht völlig intransparente Immobilienkäufe aufmerksam, bei denen die Gemeinde Dippach gleich zwei marode Häuser in der Rue Tajel in Schouweiler zu einem völlig überteuerten Preis erwarb. Noch bevor der Gemeinderat überhaupt über diesen Häuserkauf informiert wurde, hatte der Schöffenrat schon längst einen Vorvertrag mit den jeweiligen Besitzern unterzeichnet.

Dass die Privatwohnung der Bürgermeisterin in direkter Nachbarschaft zu den zwei erworbenen Immobilien liegt und Sie selbst es sich nicht nehmen ließ, persönlich die Verhandlungen mit den Verkäufern zu führen, ist nur Zufall.

Dass jedoch die Gemeindeführung anfangs einen anerkannten Experten mit der Wertschätzung beider Immobilien beauftragt hat und später trotzdem für deren Erwerb 1.150.000 Euro zahlte obwohl beide Expertisen zusammengefasst nur einen maximalen Wert von 723.000 Euro festlegten, wirft tiefgreifende Fragen bezüglich dem generellen Umgang mit öffentlichen Geldern auf. Hinzu kommt, dass trotz dieser großzügig erworbenen Immobilien, die sowieso dem Erdboden gleichgemacht werden, bis heute weder der Gemeinderat noch die Öffentlichkeit über ein konkretes Projekt ins Bild gesetzt wurden.

## ÉDITORIAL

# *427.000 EUROS AU-DESSUS DE LA VALEUR RÉELLE*

*Il y a un an, la Biergerinitiativ a tiré la sonnette d'alarme au sujet de deux acquisitions immobilières qui, selon elle, manquaient de transparence. A l'époque la commune de Dippach avait acquis à prix disproportionné deux maisons délabrées sises Rue Tajel à Schouweiler. Avant d'en informer le conseil communal, le collège échevinal avait déjà signé un compromis de vente avec les vendeurs.*

*Le fait que les deux maisons acquises au prix fort se situent dans le proche voisinage du domicile de la bourgmestre n'est que pure coïncidence. Il en est de même pour les négociations qui ont été menées par l'élue en personne.*

*Ce qui cependant soulève des questions est le fait qu'un expert de renom ait été mandaté par la commune pour procéder à une évaluation immobilière de ces deux biens pourtant voués à la démolition. L'estimation de l'expert prévoyait un prix maximal de 723.000 euros. Comment finalement expliquer le prix exorbitant payé par la commune à savoir… 1.150.000 euros? Outre cette utilisation dispendieuse de l'argent public, la Biergerinitiativ relève que ni le conseil communal ni le public n'aient été informés d'un quelconque projet concernant ce site.*

# 8 Milliounen Euro fir e „Festsall“ zu Schuller

Den LSAP-DP-Schäfferot baut fir iwwer 8 Milliounen Euro (eleng Baukäschten) e Festsall zu Schuller nieft der Gemeng. Dëse Sall vun 281,9 m² soll eng maximal Kapazitéit vu nëmmen 192 Stéiplazen hunn. Just 5 Deeg virum Vote gouf d’Oppositioun am Gemengerot iwwer dëse Projet informéiert. Verbesserungsvirschléi waren onerwënscht. Dëse vum Schäfferot geplangte Sall ass vill ze kleng an entsprécht net mol den aktuellen Ufuerderungen. Eleng schonn déi alljärlech Rentnerfeier versammelt eng 180 Leit. Ginn dann nach Dëscher oder eng Bün opgeriicht, sou ass de Sall ze kleng fir gréisser Concerten a Manifestatiounen.

Eis Gemeng brauch kee Festsall mee e grousse Centre culturel wou eis Veräiner och gréisser Aktivitéiten ofhale kënnen. Mir bedaueren dofir, dass weder d’Oppositioun, nach eis lokal Veräiner an d’Konzeptioun vun dësem Projet mat agebonne gi sinn. Dësen onnéidegen Luxusprojet illustréiert, wéi verschwenderesch de Schäfferot mat ëffentleche Gelder ëmgeet a komplett de Bezuch zu der Realitéit verluer huet.

Als Biergerinitiativ hu mir dowéinst géint dëse Projet gestëmmt.

# *8 millions d’euros pour une « salle des fêtes » à Schouweiler*

*Le collège échevinal (LSAP-DP) envisage de construire une salle des fêtes à Schouweiler pour un budget de 8 millions d’euros (seuls les coûts de construction). Cette salle de 281,9 m² pourra accueillir au maximum 192 personnes (places debout). Les membres de l’opposition n’ont eu connaissance de ce projet que 5 jours avant la séance du conseil communal sans pouvoir y suggérer des améliorations.*

*Cette future salle est totalement inadaptée aux besoins actuels car il sera impossible d’y organiser des grands concerts ou autres manifestations. En effet, notre commune a besoin d’un centre culturel à dimensions supérieures au projet prévu par les responsables communaux. Nous regrettons d’ailleurs que le collège échevinal n’ait pas cru opportun de faire participer l’opposition ainsi que les associations à la planification de ce projet.*

*En tant que Biergerinitiativ nous avons voté contre ce projet dispendieux qui illustre à quel point le collège échevinal dilapide l’argent public.*

WAT DE SCHÄFFEROT NET SEET :

## Den Dippecher Centre culturel soll ofgerappt ginn!

De Schäfferot plangt den Dippecher Centre culturel ofzerappen. Dëst ass och de Grond firwat zu Schuller e Festsall fir 8 Milliounen Euro gebaut gëtt. Fir d’Biergerinitiativ ass dëse Choix inakzeptabel. Eiser Meenung no soll Dippech säi Centre culturel am Duerfzentrum behalen fir dass och an Zukunft nach Aktivitéiten do organiséiert kënne ginn.

*CE QUE LE COLLÈGE ÉCHEVINAL OUBLIE DE NOUS DIRE :*

## *Le centre culturel de Dippach sera démoli !*

*Le collège échevinal envisage de démolir le centre culturel de Dippach. C’est pour cette raison qu’une salle des fêtes à 8 millions d’euros sera construite à Schouweiler. Pour la Biergerinitiativ, ce choix est inacceptable ! Il nous semble important que Dippach conserve son centre culturel au cœur du village afin que des manifestations puissent continuer à y avoir lieu dans les années à venir.*



# Trottoir wou bleiws de?

Am August 2019 huet d’Haaptstrooss (RN5) zu Dippech e neie Belag kritt. Als Biergerinitiativ hu mir deemools bedauert, dass net vun der Geleeënheet profitéiert ginn ass fir direkt déi al Trottoiren a Busarrêten frësch ze maachen, déi op verschiddene Plazen geféierlech fir de Foussgänger sinn. Och op der Haaptstrooss zu Schuller a Sprénkeng hu verschidden Trottoire méi wéi 30 Joer um Bockel an d’Busarrêten si net behënnertegerecht.

Op RTL huet deemools d’Buergermeeschtesch behaapt, dass d’Trottoiren am Joer 2020 reamenagéiert ginn. Bis haut huet sech nach näischt gedoen.

**Eise Fazit: Léiwer manner verspriechen, mee maachen!**



# *Où sont passés les trottoirs?*

*En août 2019, le revêtement de la route nationale (RN5) à Dippach a été renouvelé. Malheureusement l’occasion n’a pas été saisie pour refaire les trottoirs qui d’ailleurs sont dangereux à certains endroits.*

*En tant que Biergerinitiativ, nous avions également demandé à ce que les arrêts de bus soient adaptés aux personnes à mobilité réduite.*

*Sur RTL, la bourgmestre avait affirmé que les trottoirs seraient réaménagés en 2020. Rien n’a été fait jusqu’à présent.*

***Notre conclusion: Mieux vaut moins promettre, mais faire !***

## EIS VERTRIEDER AN DER GEMENG



### Sven SCHAUL

**Gemengeconseiller · *Conseiller communal***

D’Finanzpolitik vum Schäfferot ass verschwenderesch an irresponsabel. Sous sinn déi extraordinär Ausgaben vun 7,6 Milliounen Euro (M€) am Joer 2019, op 12,4 M€ am Joer 2020 an op iwwer 18 M€ dëst Joer geklommen. Um Enn vun dësem Mandat wäerten all d’Reserven vun der Gemeng opgebraucht sinn.

*La politique financière du collège échevinal est dispendieuse et irresponsable. Ainsi les dépenses extraordinaires sont passées de 7,6 millions d’euros (M€) en 2019, à 12,4 M€ en 2020 et à plus de 18 M€ en 2021. A la fin du mandat, les réserves financières de la commune seront épuisées.*



### Gerry SCHMIT

**Member vun der Verkéierskommissioun**
***Membre de la commission de la circulation***

Trotz der Pandemie an dem Télétravail hunn d’Awunner gemierkt, dass den Trafic op der RN5 net substantiell ofgeholl huet. Et gëtt héich Zäit, dass den Dossier vum Contournement endlech seriö geholl gëtt.

*Malgré la pandémie et le télétravail, les riverains n’ont pas pu constater une baisse substantielle de la circulation routière sur la RN5. Il est grand temps que le dossier du contournement soit pris au sérieux.*



### Lisa NOTHUM-SCHORTGEN

**Member vun der Kultur- a Chancëgläichheetskommissioun**
***Membre de la commission de la culture et de l’égalité des chances***

Ëmmer nach si vill ze wéineg Fraen politesch aktiv obwuel och si hier Plaz an der Politik hunn.

*Les femmes sont encore trop peu engagées en politique malgré la place qui leur est réservée.*



### Jean-Claude LUCIANI

**Member vun der Bautekommissioun**
***Membre de la commission des bâtisses***

A punkto soziale Wunnengsbau steet eis Gemeng ganz schlecht do. Vill Jonker kënne sech selwer keng eege Wunneng méi an eiser Gemeng leeschten.

*Notre commune est un mauvais élève en matière de logements sociaux. Nombreux sont les jeunes qui n’arrivent plus à financer leur propre logement dans notre commune.*

## NOS REPRÉSENTANTS DANS LA COMMUNE



### Romain SCHEUREN

**Gemengeconseilleer · *Conseiller communal***

Als Gemengeconseilleren hu mir net nëmmen Verantwortung, mee och Rechter. Dat gëtt awer meeschtens vum Schäfferot vergiess. Dacks gëtt de Gemengerot virun e Fait accompli gesat.

*Les conseillers communaux n'ont pas uniquement des responsabilités, mais aussi des droits. Ceci semble être oublié par le collège échevinal qui, assez souvent, place le conseil communal devant le fait accompli.*



### Gaby BECKER

**Member vun der Intergeneratiounskommissioun**
***Membre de la commission intergénérationnelle***

«Betreutes Wohnen» ouni medezinescht Personal ass déi falsch Léisung. Eis Gemeng brauch fir eis Senioren en eegent Alters- a Fleegeheem.

*Des logements encadrés pour seniors sans personnel médical ne sont pas une solution. Notre commune a besoin d'une maison de retraite et de soins pour nos seniors.*



### Amin CHENTITE

**Member vun der Ëmwelt- a Sportskommissioun**
***Membre de la commission de l'environnement et du sport***

Mir mussen haut schonn dofir suergen, dass och no der Pandemie eist Veräinsliewen weidergeet.

*Nous devons dès à présent faire en sorte que notre vie associative continue une fois la pandémie terminée.*



### Herwig TEMMERMANN

**Member vun der Finanzkommissioun**
***Membre de la commission des finances***

Déi vum Schäfferot ausgeschaffte Projeten sinn dacks oniwwersiichtlech an ontransparent. Wärend de Budgetsdebatten ass et dacks schwéier erauszefannen wat d'Gesamtkäschten vun engem Projet sinn, wëll verschidden Investissementer sech iwwer Joren strecken an dofir an e puer Budgeten figuréieren.

*Les projets développés par le collège échevinal manquent souvent de clarté et de transparence. Lors de l'examen du budget, il est parfois difficile d'évaluer le coût global des projets sachant que ces investissements s'échelonnent sur plusieurs années et figurent ainsi dans des budgets consécutifs.*

# Déi nei Schoul aus dem Joer 2016 ass schonn ze kleng

Am Joer 2016 eréischt, huet den LSAP-DP Schäfferot déi nei Schoul zu Schuller ageweit. 4 Joer méi spéit stellt sech eraus, dass d'Schoul vill ze kleng ass an dréngend vergréissert muss ginn.

Am Dezember 2020 krut de Gemengerot dunn de Projet präsentéiert dee virgesäit, dass fir iwwer 7.5 Milliounen Euro eng Annexe fir 9 Säll gebaut muss ginn. A schonn haut steet fest, dass an e puer Joer d'Schoul nees vergréissert muss ginn.

Gutt Infrastrukturen fir eis Kanner sinn eis als Biergerinitiativ immens wichteg. Bei dëser Schoulvergréisserung no nëmmen 4 Joer kritiséiere mir awer d'Kuerzsiichtegkeet vun der aktueller LSAP-DP-Gemengeféierung.

**Infrastrukturen vun dëser Envergure plangt ee fir Joerzéngten a net nëmmen bis just no den nächste Walen.**

# *Construite en 2016, la nouvelle école est déjà trop petite*

*Inaugurée par le collège échevinal (LSAP-DP) en 2016, la nouvelle école fondamentale a déjà atteint ses capacités maximales au bout de 4 ans d'occupation et doit être agrandie de toute urgence.*

*En décembre 2020, un projet prévoyant la construction d'une annexe comportant 9 salles a été présenté au conseil communal. Le coût total en sera de 7,5 millions d'euros.*

*En tant que Biergerinitiativ, nous sommes très attentifs à ce que nos enfants bénéficient de bonnes infrastructures. Cependant nous mettons en cause le manque d'anticipation dont fait preuve l'actuelle majorité politique (LSAP-DP).*

***Des infrastructures de cette envergure doivent être planifiées à long terme et ne doivent pas uniquement tenir compte de la prochaine échéance électorale.***

## A Propos Gemengefinanzen:

Am Rapport iwwert déi administrativ Konten vun 2018/19 gëtt de Schäfferot vum Inneministère wéinst senger Finanzgestioun kritiséiert. Sou steet am Rapport, dass de Schäfferot net justifiéiere konnt, firwat d'Transformatioun vun der **Maison relais** bal **400.000 € méi deier kascht huet**, wéi den Devis dat eigentlech virgesinn huet. Den Devis hat 1.2 Milliounen € virgesinn an de Projet huet zum Schluss iwwer 1,6 Milliounen € kascht.

## *Au sujet des finances communales:*

*Dans son rapport sur les comptes administratifs de 2018/19, le ministère de l'Intérieur critique la gestion des finances du collège échevinal. Ainsi le décompte final relatif aux travaux de transformation de l'ancienne école en maison relais indique des dépenses de 1,6 M€, alors que le devis afférent ne se chiffre qu'à 1,2 M€. Il ressort dudit rapport que les responsables communaux ne justifiaient pas le **dépassement de presque 400.000 €** par rapport au devis.*



# D'Sportshal gëtt 2021 renovéiert

D'Sportshal zu Schuller ass zanter hirer Konstruktioun am Joer 1993 an d'Jore komm. Nodeems den Avant-Projet fir d'Renovatioun dem Gemengerot virgestallt ginn ass, huet d'Biergerinitiativ drop insistéiert, dass onbedéngt e Lift souwéi e méi kuerzen Accès fir Leit mat Behënnerung ageplangt musse ginn. Dëst war nämlech op de Pläng, déi de Schäfferot presentéiert huet, net de Fall.

Mir bedaueren awer, dass eis Propositioun vun enger Infirmerie oder Éischt Hëllefsraum net zeréckbehale ginn ass an dat obwuel se bis virum Vott nach op de Pläng figuréiert hunn.

# *Rénovation du hall sportif en 2021*

*Le hall sportif à Schouweiler date de 1993 et nécessite des travaux de rénovation d'envergure. L'avant-projet a été présenté au conseil communal. En tant que Biergerinitiativ, nous avons insisté pour que le bâtiment soit équipé d'un ascenseur et d'un accès réservé aux personnes à mobilité réduite. Car tel n'était pas le cas sur les plans présentés par le collège échevinal.*

*Nous regrettons cependant que notre proposition d'une infirmerie ou d'une salle réservée aux premiers soins n'ait finalement pas été retenue.*



# IN MEMORIAM JOSY HENSEN



Den 8. Dezember 2020 huet eise Frënd a Kolleeg, de Josy Hensen, eis verlooss. Mam Josy huet d'Biergerinitiativ ee vun hire Grënnungs- a Comitésmembere verluer dee vun der éischter Stonn un ëmmer mat dobäi war a sech mat vill Engagement fir seng Matbierger agesat huet. Hie war donieft och nach Member vun der lokaler Integratiounskommissioun.

Den 16. Juni 1951 koum de Josy zu Léck (B) op d'Welt. Seng Jugend war gepräägt vum Vëlossport. Iwwert d'Grenzen eraus huet hien sech als jonke Cyclist e Numm gemaach. Och an der Pensioun huet hien seelen eng Course verpasst a war reegelméisseg bei Eventer vun der Union cycliste Dippech mat dobäi. Seng ganz berufflech Karriär huet de Josy am Finanzsecteur gemaach, wou hien ufanks op der Bourse, duerno bei internationalen Banken an zum Schluss als Direkter bei enger lëtzebuergescher Bank geschafft huet.

Bei de Gemengewalen am Joer 2017 huet de Josy Hensen op der Lëscht vun der Biergerinitiativ kandidéiert. Säi gréisst Uleies war e Contournement fir d'Gemeng Dippech. Him war et wichteg, dass sech onbedéngt eppes un der Verkéierssituatioun an eiser Gemeng ännere muss an eis Dierfer endlech vum Transitverkéier entlaascht ginn.

Als Biergerinitiativ wäerte mir eis an Zukunft weiderhin a sengem Sënn dofir staark maachen, dass d'Drénglechkeet vum Contournement op nationalem Plang erkannt gëtt an dëse wichtegen Sujet fir eis Gemeng endlech realiséiert ka ginn. Dem Josy seng Jovialitéit a gutt Rotschléi wäerten eis awer feelen.

Fir d'Biergerinitiativ,
Sven SCHAUL, President

## GEMENGEROT

# En däregen Dossier?


Am Januar hunn déi zwee Gemengevertrieder vun der Biergerinitiativ eng Requête un d'Inneministesch gescheckt, fir dass virun allem zwou Situatiounen tëscht dem Schäfferot an enger lokaler Entreprise op hier Legalitéit iwwerpréift solle ginn.

Et handelt sech hei ëm eng Firma déi zum Deel engem Gemengeconseiller gehéiert, deen och reegelméisseg Reklamm fir säi Commerce an der Press mécht. Am Joer 2019 huet dës Firma fir e puer Dausend Euro Kaddoen un d'Gemeng verkaf. Dëst obwuel aner Geschäfter an der Gemeng déi selwecht Produiten proposéieren. D'Fro stellt sech also, firwat de Schäfferot grad enger bestëmmter Firma eng Commande ginn huet, wou gewosst ass, dass ee vun den Associéen och nach Member vum Gemengerot ass? Dobäi kënnt, dass weder de Gemengerot iwwer dës Transaktioun informéiert ginn ass, nach dass driwwer ofgestëmmt ginn ass.

Enn 2020 huet de Schäfferot dunn decidéiert, fir alle Senioren a Rentner en Akafsbong vun 25 Euro z'offréieren. Dës Kéier koum et allerdéngs am Gemengerot zu engem Vott un deem dee concernéierte Conseiller net deelgeholl huet, obwuel am Viraus seng Firma sech gemellt hat fir un dëser Bongenaktioun deelzehuelen.

Eis Vertrieder am Gemengerot hunn dofir beim Inneminister nogefrot fir ze kontrolléieren, ob an dësen 2 Fäll keen Interessekonflikt virläit fir wann néideg d'Saach un de Parquet weiderzeleeden.

**Affaire à suivre!**



## CONSEIL COMMUNAL

# *Un dossier épineux ?*

*En janvier dernier, les deux représentants communaux de la Biergerinitiativ ont déposé une requête auprès de la ministre de l'Intérieur demandant un contrôle de légalité au sujet de deux transactions entre le collège échevinal et une société locale.*

*Il s'agit en l'occurrence d'une entreprise appartenant en partie à un conseiller communal qui assure régulièrement la promotion de son commerce dans les médias. En 2019, cette société a vendu pour plusieurs milliers d'euros des cadeaux à la commune. Se pose ainsi la question de savoir pour quelles raisons le collège échevinal avait passé commande auprès d'une société appartenant à un membre du conseil communal? D'autant plus que les produits achetés sont également proposés par d'autres commerçants locaux. De plus, le conseil communal n'en a jamais été informé ni n'a donné son accord à une telle acquisition.*

*Puis fin 2020, le collège échevinal a décidé d'offrir à tous les seniors et retraités un chèque cadeau de 25 euros. Cette fois-ci, le conseil communal a été appelé à valider cette dépense. A cette occasion, le conseiller communal concerné n'a pas participé au vote tandis que sa société avait préalablement répondu favorablement à l'appel de la commune pour participer à cette action des chèques-cadeaux.*

*Au vu de ce qui précède, nos représentants ont demandé à la ministre de l'Intérieur de vérifier s'il n'y a pas eu un conflit d'intérêts dans ces deux situations et de saisir, si nécessaire, le parquet.* **Affaire à suivre!**

# Denkmalschutz an der Gemeng Dippech

D'Kulturministesch huet proposéiert eis 4 Kierchen an der Gemeng wéinst hirem architektoneschem an historesche Wäert ënner Denkmalschutz ze stellen.

Fir dat kënnen ze maachen, huet d'Ministesch awer e positiven Avis vum Gemengerot gefrot.

Als Biergerinitiativ hu mir net schlecht gestaunt wéi dunn am Gemengerot d'Buergermeeschtesch an hir zwee Schäffen virgeschloen hunn, fir kee positiven Avis ofzeginn, soudass eis Kierchen schlussendlech NET ënnert Denkmalschutz gestallt ginn.

Contrairement zu LSAP, DP an CSV, huet als eenzeg Fraktioun am Gemengerot d'Biergerinitiativ fir den Denkmalschutz vun eise Kierchen gestëmmt.

An Zäiten wou eise Patrimoine ëmmer méi zerstéiert gëtt, ass d'Haltung vum Schäfferot net nozevollzéien. Desto méi an eiser Gemeng just e puer Haiser klasséiert sinn an ëmmer nees schützenswäert Gebaier an d'Hänn vu Promoteuren falen.

# *La Protection du patrimoine dans la commune*

*La ministre de la culture a proposé à la commune de Dippach de classer comme monuments nationaux nos quatre églises pour leur intérêt architectural et historique. Afin de bénéficier de cette protection nationale, le conseil communal devait se prononcer favorablement à la demande ministérielle.*

*Contre toute attente, la bourgmestre et ses échevins ont suggéré aux membres du conseil communal d'émettre un avis défavorable au classement de nos édifices religieux.*

*Contrairement au LSAP, DP et CSV, seule la Biergerinitiativ a voté en faveur d'une protection patrimoniale de nos églises.*

*La position des responsables communaux interroge d'autant plus que notre patrimoine local disparaît lentement. Rappelons que seuls quelques maisons sont actuellement protégées dans notre commune et que de plus en plus de biens remarquables tombent malheureusement dans les mains des promoteurs.*









**+ + + Näechste Kéier: Spezial Editioun - Contournement Dippech + + +**

Eng dynamesch Biergerinitiativ lieft nëmmen vun der Ënnerstëtzung vun hire Matbierger. Zesumme kréie mir eppes beweegt. Gidd dofir aktive Member an der Biergerinitiativ a beräichert eis mat ären Iddien a Proposen. Dir kënnt eis awer och finanziell mat enger Éierememberskaart (min. 10 €) oder engem Don ënnerstëtzen. **Kontosnummer: BCEE LU56 0019 5155 0538 2000**

*Pour demeurer dynamique, la Biergerinitiativ a besoin du soutien de ses concitoyens. L'union fait la force. Rejoignez la Biergerinitiativ et partagez avec nous vos idées et propositions. Vous pouvez également nous soutenir financièrement moyennant une carte d'adhérent (min. 10 €) ou un don.*

***Numéro de compte: BCEE LU56 0019 5155 0538 2000***

Besicht eis op Facebook: **Biergerinitiativ Gemeng Dippech**

**Dës Publikatioun ass integral duerch d'Cotisatiounen finanzéiert.**

***Cette pubilcation est intégralement financé par les cotisations.***

IMPRESSUM:
Biergerinitiativ Gemeng Dippech a.s.b.l.
Sven Schaul Tel.: 621 363 846
Romain Scheuren Tel.: 621 199 219